

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 10. August 2021

Här President,

Sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech lech, dës parlamentaresch Fro un den Här Staatsminister, den Här Bausseminister an den Här Minister fir Ekonomie weiderzeleeden.

Laut dem Artikel "*Asselborn concedes nine NSO entities present in Luxembourg*", deen den 21. Juli an der "Luxembourg Times" publizéiert gouf, huet den Här Bausseminister rezent eng Rei Bréiwer un israeelesch Firme fir Spionagesoftware mat enger Néierloossung zu Lëtzebuerg verschéckt, mam Zill, dës Firmaen no eegener Ausso un hir Mënscherechtsobligatiounen ze erënneren.

An deem Zesammenhang géif ech der Regierung gär dës Froe stellen:

- 1) Fält d'Reglementatioun vu privaten Entrepenen zu Lëtzebuerg an d'Kontroll vum Respekt vun der entsprecherender lëtzebuergescher Legislatioun net ënnert d'Kompetenz vum Här Minister fir Ekonomie? An ass net den Här Minister fir Ekonomie zoustänneg fir de Baussenhandel an d'Lizenzamt?
- 2) Falls jo, huet den Här Bausseminister seng Kompetenzen hei zum Nodeel vun anere Ministèren iwwerschratt? Wéi eng Konsequenze géifen den Här Staatsminister an den Här Minister fir Ekonomie aus dësem Verhalen zéien?

Mat déiwem Respekt,


Fernand Kartheiser
Deputéierten



LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère d'État

Luxembourg, le 10 septembre 2021

Monsieur
Marc HANSEN
Ministre aux Relations avec le Parlement
LUXEMBOURG

Objet: Réponse commune de Monsieur le Premier Ministre, Ministre d'État, de Monsieur le Ministre des Affaires étrangères et européennes et de Monsieur le Ministre de l'Economie à la question parlementaire n°4825 posée le 10 août 2021 par l'honorable Député Monsieur Fernand KARTHEISER concernant la répartition des compétences des ministères.

Monsieur le Ministre,

J'ai l'honneur de vous faire parvenir en annexe la réponse commune à la question parlementaire sous rubrique.

Veillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de ma haute considération.

Le Premier Ministre

A handwritten signature in blue ink, consisting of several loops and a long horizontal stroke at the end.

Ministre d'État

Gemeinsam Äntwert vun dem Här Premierminister, Staatsminister, vun dem Här Aussen- an Europaminister a vun dem Här Wirtschaftsminister op d'parlamentaresch Fro n°4825 vum 10. August 2021 vu dem honorabelen Här Deputéierte Fernand KARTHEISER zur "répartition des compétences des ministères"

Opgrond vum groussherzoglechen Arrêté vum 5. Dezember 2018 iwwer d'Zesummestellung vun de Ministère gehéieren den Aussenhandel an den Office du contrôle des exportations, des importations et du transit (OCEIT), also dat fréiert Lizenzamt, zu den Attributiounen di ënner d'Zoustännegkeet vum Wirtschaftsminister falen.

D'Exportkontrollgesetz vum 27. Juni 2018 gesäit eng gedeelte Kompetenz tëschen béide Ministeren a folgende Fäll fir: " (...) les autorisations sont accordées par les ministres, procédant par décision commune, lorsqu'il s'agit d'opérations d'exportation, de transit, de transfert, de courtage, d'assistance technique ou de transfert intangible de technologie portant sur des produits liés à la défense des biens visés à l'article 35 ou des biens à double usage."

Op Basis vun dëser gedeelter Kompetenz haten déi zwee Ministeren sech iwwer d'Virgoensweis am Fall Pegasus ausgetosch. Mat Bléck op d'Efforten déi vum Ausseministère, an enker Zesummenaarbecht mam Wirtschaftsministère, koordinéiert ginn, fir zu enger méiglecher gesetzlecher Verankerung vun enger Suergfaltsflicht a Saache Mënscherechter fir Entreprises déi zu Lëtzebuerg domiciliéiert sinn ze kommen, ass decidéiert ginn, dass den Ausseminister den Entitéite vum NSO Group Bréiwer schreiwe géif.

Et ass deemno net zu enger Iwwerschreidung vu Kompetenze vun engem Minister zum Nodeel vun engem anere Minister komm.